PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

Eis Aktivitéiten vum 13 November 2023 bis 8 Januar 2024

Méindeg, den 13 November um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Wat get et Neies am Photoshop ?

Eis Photoshop Spezialisten, Jessie a de Carlo weisen eis e bëssi wat et sou Neies gëtt an der leschter Versioun vum Programm

Méindeg, den 20 November um 17:30 Auer

***Sortie nocturne* an Stad**

Mir treffen eis um « Roude Pëtz » an der Stad, wou zwar kee Pëtz méi steet well e restauréiert gëtt... vun do gi mir bei de Palais, an d'Alstad a vläicht an d'Groussgaass, jee no Wonsch, mir kënnen eis an 2-3 Gruppen opdeelen an eis méi spéit rëm treffe fir den After-photo.

Méindeg, den 27 November um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Biller arummen vum Concours

Mir botzen eis Foto-rummen a maachen d'Ausstellung fäerdeg fir am CIPA obzehänken. **De Vernissage ass den 10 Dezember am spéide Moien, CIPA « ob der Waassertrap ».** Eng Invitatioun kritt dir nach nogeschéckt.

Méindeg, den 4 Dezember um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Talk

Denkt drun är Fotoen an der richteger Gréisst am jpg matzebréngen !!
Gréisst vum Bild: max Breet: 1920 px, max Héicht: 1080 px

Méindeg, den 11 Dezember um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Workshop Viking-shooting

Mir hunn de Viking-Model John LIES am Studio. Fir dass jiddereen u Rei kennt fir Fotoen ze maachen wär et gutt wann där äre Fotoapparat schonn asazbereet géift matbréngen. Astellung ob M an de Weiss-ofgleich ob Blëtz, Zäit a Blend moossen mir am Studio.

Méindeg, den 18 Dezember um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Workshop Kaart fir Neijoerschdag

Bréngt Accessoiren mat fir e flotte Set ze maache fir eng Kaart fir Neijoerschdag, a selbstverständlech ären Fotoapparat. Och e Stativ a Kabel-ausleiser matbréngen.

Méindeg, den 8 Januar 2024 um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Talk mat Neijoerschdagspatt

De Prési get wei all Joer e Patt zum beschten fir Neijoerschdag. Fir de PHOTO-Talk denkt drun är Fotoen an der richteger Gréisst am jpg matzebréngen !!
Gréisst vum Bild: max Breet: 1920 px, max Héicht: 1080 px.